

Schäfferot 27.09.2018

Erënnert dir iech un déi lescht Gemengewahlen? Genau, dat war 2017, zënterhier ginn et eng ganz Rei nei Buergermeeschteren a Buergermeeschterinnen. Si këmmere sech ëm dat deeglecht Geschäft vun der Gemeng. Si maachen dat awer net eleng, mee zesumme mat mindestens 2 sougenannte Schäffen. A méi grouse Gemenge ginn et méi Schäffen. An der Stad Lëtzebuerg zum Beispill gëtt et der 6. Si bilden zesumme mam Buergermeeschter de Schäfferot. De Schäfferot ass quasi wéi eng Regierung, mee an der Gemeng. D'Schäffe këmmere sech ëm bestëmmte Beräicher, wéi zum Beispill Kultur oder Bildung.

Nieft dem Schäfferot gëtt et nach de Gemengerot. De Gemengerot ass quasi wéi dat lokaalt Parlament. E besteet aus de gewielte Gemengeconseillere. De Schäfferot bereet d'Sëtzunge vum Gemengerot fir, an deem wichteg Decisioune fir d'Gemeng getraff ginn. Dës Decisioune mussen da vum Schäfferot ausgefouert ginn. De Schäfferot kontrolléiert och d'Verwaltung vun der Gemeng.

Mee wie bestëmmt, wie Schäffen ass? Dat geschitt bei de Gemengewahlen, déi all 6 Joer organiséiert ginn. Hei gëtt de Gemengerot gewielt. Och d'Net-Lëtzebuerger, déi zënter mindestens 5 Joer zu Lëtzebuerg liewen, dierfe bei de Gemengewahle matwielten oder kandidéieren. D'Kandidaten a Kandidatinnen, déi an de Gemengerot eragewielt gi sinn, entscheeden dann, wien an de Schäfferot kënn. An der Regel gëtt d'Persoun mat de meeschte Stëmme Buergermeeschter oder Buergermeeschterin. Déi nächstgewielte Persoune gi Schäffen. Dëst kann awer jee no Wahl anescht sinn an hänkt virun allem dovun of, ob sech déi gewielte Kandidaten oder Parteien eens iwwee dat ginn, wat si zesumme wëllen an der Gemeng ëmsetzen. Esou ass et schonn e puer Mol virkomm, dass net de Kandidat oder d'Kandidatin mat de meeschte Stëmme Buergermeeschter bzw. Buergermeeschtesch ginn ass.

An all Gemeng gëtt et ee Schäffen oder eng Schäffin, déi fir d'Jugend zoustänneg ass. Informéier dech mol, wien dat bei dir an der Gemeng ass. Du kanns dech un déi Persoun wënnen, wann s du mat eppes onzefridde bass oder Iddien hues, wat ee kéint besser maachen.